LSAP

Cátia **Gonçalves**

PÉITENG

Gemengerot Péiteng
Vizepresidentin vun de Femmes Socialistes
Politologin I Attachée parlementaire

Méi wéi jee kann et alle Bierger vun eisem Land net egal sinn, wou d'Politik hi steiert.

Sech als een Deel vum Ganzen ze gesinn ass net einfach, mee all zesummen hu mer d'Méiglechkeet dës Chance ze ergräifen. Ze oft hunn d'Leit d'Gefill datt hieren Engagement oder hier Aktiounen net wichteg sinn oder souwisou näischt änneren. Fir mech geet et drëms dat fundamentalt Bild vun der Politik an hire Stellewäert an eiser Gesellschaft nei ze gestalten, virun allem bei deene Jonken. Meng praktesch Erfahrung am Jugendparlament war an deem Sënn immens bezeechnend an huet mech och dozou beweegt, Faarf ze bekennen.
An engem europäeschen an internationale Kontext deen net ganz durchschaubar ass, ginn et keng einfach Léisungen. Also musse mär zesummen dofir suergen, datt eist Land weiderhin eng Success-Story bleift: ee Land dat sech och a Fro stelle kann, wou di sozial Acquise garantéiert sinn an dat eis an deenen zukünftege Generatiounen nei Perspektiven bitt.

Wann ech gewielt ginn, maachen ech als éischt:
Ech setze meng Prioritéiten an der Economie an dem Entrepreneuriat. Doriwwer eraus engagéiren ech mech och fir eng Partie Reforme bei de Gemengefinanzen an der Verfassung.

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Ginn ech gäre schwamme fir de Stress ofzebauen, verdéiwe mech a mäi Jurastudium, deen ech niewebäi maachen a loossen den Dag gutt ausklénge bei engem gemittlechen Owend.

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
D'Wahlrecht vun de Fraen, d'Pëll, d'Elektrescht aus erneierbaren Energien an all déi medizinesch Fortschrëtter.

Gléck ass fir mech:
Sech net mussen d'Fro ze stellen ob ee glécklech ass…

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
A menger Wunneng an déi ech d'nächst Joer plënnere wäert, no bei der Famill a Frënn an am déiwe Minett.

Meng Stäerkte sinn:
Ech maache wat ech soen, (sinn engagéiert a villsäiteg interesséiert).

A meng Feeler / meng Schwächten:
Ech soe wat ech mengen (an dat ass heiansdo net esou einfach…).

Am léifsten iessen an drénken ech:
Ierbessebulli, gegrillte Fësch mat vill Knuewelek an Olivenueleg, dobäi nach e Glas roude Wäin.

Zur Zäit liesen ech:
„The leaderless revolution" (Carne Ross), an deem et ëm Politikverdrossenheet a Muechtspiller geet.

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
Ech soen ni nee zum Frank Sinatra séngem „Come fly with me".

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
Meng Frënn nenne mech ganz oft „Catwoman" ;-)

Mäi Liewensmotto:
« Il n'y a qu'une façon d'apprendre, c'est par l'action. » Paulo Coelho.

Ganz gemittlech op enger Terrass.

De Péitenger Wand dee bléist a bléist eng Bidde voller Konfetti!

Schocki + Cátia = ëmmer en zefriddent Gesiicht ;-)

„Erschwénglech Wunnengen, kreativ Jobs a méi Chancëgerechtegkeet: Ech hu Loscht derbäi ze sinn, an Dir? “